Här Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 7te Februar 2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un de Minister fir Mobilitéit an ëffentlech Baute weiderzeleeden.

An der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°3845 vum honorabelen Deputéierte M. Hahn aus dem Joer 2018 hat de Minister Informatiounen zum Bau zum Contournement vun Dippech-Gare ginn.

An dem Zesummenhang wéilt ech dem Minister weider Froe stellen:

1. Confirméiert de Minister, dass de Bau vum Contournement Dippech-Gare zäitlech verréckelt muss ginn, wëll eng Impaktstudie op Basis vum Naturschutzgesetz vun 2018 feelt?
   Wa jo, wat sinn d'Grënn, dass d'Verwaltung vum Minister, déi reegelméisseg mat esou Projete chargéiert ass, vergiess huet déi néideg Autorisatioun(en) unzefroe respektiv ze verlängeren?
2. Wéi warscheinlech ass et, dass de Projet eventuell bei déi fir Natura2000-Zonen zoustänneg EU-Instanze geschéckt muss ginn?
3. Wéi warscheinlech ass et, dass eng nei Variant vum Tracé ausgeschafft muss ginn?
4. Wéi vill Jore Retard kritt de Bau vum Contournement der Aschätzung vum Minister no?
5. Si bis zur Fäerdegstellung vum Contournement Mesure virgesinn, fir déi aktuell Verkéierssituatioun op der Dippecher Gare z'entlaaschten?

Mat héijem Respekt,

Marc GOERGEN
Députéierten